# Aktivitéitebericht 2023



www.dlj.lu

DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN



# Léif Lieser:innen,

Mat grousser Freed presentéiere mir Iech den Aktivitéitebericht fir d'Joer 2023 vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen.

2023 stoungen zwee bedeitend Evenementer fir eise Verband am Vierdergrond: Eisen 30. Anniversaire an déi international Konferenz iwwert opsichend Jugendaarbecht.

Virun 30 Joer gouf déi deemoleg Entente des Gestionnaires des Maisons des Jeunes vun de Gestionnairë vun den éischte Jugendhaiser gegrënnt. Zënterhier huet sech villes verännert: Duerch eng kontinuéierlech Weiderentwécklung vun der Jugendaarbecht ass d'Zuel vun de Memberassociatiounen an de leschte Jore staark gewuess. Nieft de klassesche Jugendhaiser sinn entretemps och vill Gestionnairë vu Jugendservicer Deel vum DLJ. Och d'Demande no Ënnerstëtzung huet sech geännert an et si nei Offeren a Servicer dobäi komm, déi den DLJ fir seng Membere bereethält.

Haut kënne mir houfreg op eis Entwécklung zeréckkucken: Nieft engem engagéierte Verwaltungsrot stinn iech am Service administratif a Service pédagogique 7 Mataarbechter:innen ënnerstëtzend zur Säit.

Och 2023 huet den DLJ sech onermiddlech agesat fir de Jugendsecteur ze ënnerstëtzen an huet d'Erwaardunge vun de Jonken, der Jugendaarbecht an dem Benevolat aus der Siicht vun de Memberen erfaasst an un déi politesch Parteien erugetrueden, fir méi Visibilitéit an Ënnerstëtzung fir d'Jugendaarbecht ze fuerderen.

Haut huet den DLJ 51 Memberen, déi am ganze Land iwwer 80 Jugendstrukture gehéieren, an iwwer 350 Mataarbechter:inne beschäftegen. Dozou kommen nach eng sëlleg benevol Engagéierter, déi sech fir d'Jugend an hire Gemengen an op nationalem Plang staark maachen.

Op déser Plaz soen ech am Numm vum Verwaltungsrot all eise Memberen e grousse Merci, besonnesch deene ville benevolle Gestionnairen, de Gemengen, der Ekipp vum Jugendservice vum Ministère, de Jugendaarbechter:innen an all de Kooperatiounspartner - nëmmen duerch ären Asaz kann de Jugendsecteur sech ëmmer neien Erausfuerderunge stellen an eng gutt Qualitéit am Sënn vun de Jonken assuréieren.

Och de Membere vum Verwaltungsrot an der Ekipp vum DLJ soen ech ee grousse Merci fir déi gutt a professionell Aarbecht déi geleescht ginn ass.

Vill Freed beim Liesen !



Bob Serres
President vum DLJ




Foto von Toa Heftiba auf Unsplash

01 Allgemenges 7

02 De Programm vum DLJ 11

03 Ressources Humaines 17

04 Comptabilitéit 21

05 Weider Informatiounen 24



# Den DLJ op ee Bléck 2024

**51** MEMBEREN

- **61** Jugendhaiser
- **24** Jugendservicer

# 1. Allgemenges

**350+** Jugendaarbechter:innen an de Jugendstrukturen

**300+** BENEVOLLER engagéiert fir de Jugendsecteur

- Lokal
- National
- am Daachverband

# Missioune vum DLJ

- National an international Vertriedung vun de Gestionnairen
- Organisatiounsberodung an administrativ Ënnerstëtzung
- Promotioun vun der Jugendaarbecht
- National an international Vernetzung vum Jugendsecteur
- Gestioun a Koordinatioun vu Pilotprojeten
- Weiderbildungsoffere fir de Jugendsecteur

# 1.1 Verwaltungsrot

2023 huet sech de Verwaltungsrot vum DLJ aus follgende Vertrieder zesumme gesat:

| | | |
|---|---|---|
| Bob Serres | President | Générations 2000 asbl |
| Marc Pletsch | Vize-President | Jugendtreff Käl/Téiteng asbl |
| Alain Cornély | Tresorier | Jugendtreff SABA asbl |
| Henri Reding | Sekretär | ANIJ asbl |
| Elena Bienfait | Administratrice | CNAPA asbl (sortant en février 2024) |
| Philippe Ferber | Administrateur | Jugendhaus Wooltz asbl |
| Maurice Losch | Administrateur | Nordstadjugend asbl |
| Marc Seiler | Administrateur | Graffiti asbl |
| Mike De Waha | Administrateur | de Jugendrot/CGJL asbl |
| Romain Bourens | Administrateur | Centre de Médiation asbl (coopté) |

# 1.2 DLJ asbl: Virstandaarbecht

Den DLJ ass a follgende Gremien, Kommissiounen a Comitéë vertrueden:

CCT-SAS : Comité de Pilotage, Negociatiounen, Commission Paritaire

Commission d'Harmonisation «ASFT»

Conseil supérieur de la Jeunesse (MENJE)

National Working Group (Jugenddialog)

Commission de la Formation continue (MENJE)

Commission du cadre de référence national sur l'éducation non formelle des enfants et des jeunes (MENJE)

Copil Jeunesse (MENJE)

Plateforme Jeunesse (MENJE)

Wunnéngshëllef a.s.b.l.

Agence du Bénévolat a.s.b.l.

# 1.4 Membere vum DLJ 2023



ANIJ a.s.b.l.

Anne a.s.b.l.- elisabeth Jeunesse

Anonym Gléckspiller a.s.b.l.

ARCUS a.s.b.l.

Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises a.s.b.l.

Axwai a.s.b.l.

Centre de Médiation a.s.b.l.

Centre LGBTIQ+ Cigale a.s.b.l.

CIRJE Eechternoacher Jugendhaous a.s.b.l.

CGDIS - Institut National de Formation des Secours Jeunes Pompiers

CNAPA a.s.b.l.

CRIAJ Grevenmacher a.s.b.l.

CRIJE Escher Jugendhaus a.s.b.l.

Croix- Rouge Luxembourgeoise a.s.b.l.

de Jugendrot - CGJL a.s.b.l.

EVEA a.s.b.l.

FNEL (Fondation)

Générations 2000 a.s.b.l.

Graffiti a.s.b.l.

Inter - Actions a.s.b.l.

Jeunes Scientifiques Luxembourg (Fondation)

Jonk Entrepreneuren Luxembourg a.s.b.l.

Jugendbureau Éislek a.s.b.l.

Jugendhaus An der Sonn
Uelzechtdall a.s.b.l.

Jugendhaus Gemeng Betzder a.s.b.l.

Jugendhaus Rëmeleng a.s.b.l.

Jugendhaus Wooltz a.s.b.l.

Jugendstuff Munneref / Administration Communale de Mondorf-les-Bains

Jugendtreff Déifferdang a.s.b.l.

Jugendtreff Käl / Téiteng a.s.b.l.

Jugendtreff SABA a.s.b.l.

JUKI - Jugendhaiser Gemeng Kielen a.s.b.l.

JUMO - Jugend Monnerech a.s.b.l.

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten (Fondation)

Life a.s.b.l.

Maison des Jeunes et de la Culture Bettembourg a.s.b.l.

Mérite Jeunesse Luxembourg a.s.b.l.

Maison pour jeunes des communes de Bous, Remich, Schengen et Stadtbredimus a.s.b.l.

Move. / Mouvement Écologique a.s.b.l.

Nordstadjugend a.s.b.l.

Péitenger Jugendhaus a.s.b.l.

PHOENIX a.s.b.l.

Réidener Jugendtreff a.s.b.l.

Schëfflenger Jugendhaus a.s.b.l.

Schëtter Jugendhaus a.s.b.l.

Services Enfants et Jeunes de la Commune de Hesperange a.s.b.l.

Solina Solidarité Jeunes a.s.b.l.

Sport-Krees Attert a.s.b.l.

Wunnengshëllef a.s.b.l.

Zentrum fir politesch Bildung (Fondation)



# 2. De Programm vum DLJ

# 29.6.2023




& 30 Joer dlj

Den 29. Juni 2023 huet den DLJ offiziell säin 30. Gebuertsdag an der Presenz vun zuelräichen Invitéeën gefeiert.

Op dëser Plaz wëlle mir eis häerzlech bei alle bedanken, déi sech an de leschte Joerzéngten op nationalem a lokalem Niveau fir d'Jugend staark gemaach hunn.

Villmools Merci!

Hei fannt dir e klenge Foto-Réckbléck aus de leschte Joren:

Fir de Foto-Clip ze gesinn hei klicken

















Internationale Konferenz

# Aufsuchende Jugendarbeit

Luxemburg

14-17.11.2023




Den Ofschlossrapport vun der Internationaler Konferenz zum Thema „Opsichend Jugendaarbecht“, déi den DLJ vum 14. – 17. November 2023 organiséiert hat, kënnt dir hei eroflueden:

Abschlussbericht

Dëse Rapport resuméiert déi wesentlech Erkenntnisser, Diskussiounen a Recommandatiounen, déi wärend der Konferenz erschafft gi sinn, a soll als eng Aart Guide fir zukünfteg Moossnamen an Initiativen am Beräich vun der opsichender Jugendaarbecht déngen.

Mir wënsche vill Spaass bei der Lecture.








30 Joer
DAACHVERBAND VUN
DE LËTZEBUERGER
JUGENDSTRUKTUREN

**Nieft dem Dagesgeschäft an der Verbandsaarbecht fannt dir hei eng kleng Zesummestellung vu weideren Evenementer an Aktivitéiten, déi am Joer 2023 beim DLJ stattfonnt hunn:**

**DLJ - Datenerhiewung**
Erhiewung zu de Kontaktpersounen bei de Gestionnairen fir eng gutt Kommunikatioun tëscht de Memberen an dem Siège vum DLJ ze garantéieren

**2023 huet den DLJ de Parteien op den Zannt gefillt.**
Déi zentral Themen waren: Jugendaarbecht, Jugend a Benevolat

**DLJ Formatiounen:**

- Pädagogik des sicheren Ortes: Haltung zeigen – Grenzen setzen Sicherheit geben an Zesummenaarbecht mat Phoenix asbl
- Hëllef Gemengewalen! Jonker informéieren a motivéieren an Zesummenaarbecht mam ZpB
- Ëffentlechkeetsaarbecht an de Jugendstrukturen
- Hëllef Chamberwalen! Jonker informéieren a motivéieren an Zesummenaarbecht mam ZpB

**Soirée de remise vum Jugendpräis 2023**
un dëser den DLJ mat sengem Projet
« Däi Jugendhaus: Deng LGBTIQ+ FREEDOM ZONE! » deelgeholl huet.
https://www.jugendstäerken.lu/projeten

**Informatiounsstand**
op der Foire vun de Servicer am Kader vum Modul A am Juni

Verstäerkung vum Service administratif (Comptabilitéit an RH)
duerch d'Madamm Peggy Jacqué am Juli 2023

Reamenagement vun de Büroen um Siège vum DLJ


Start vun der Reorganisatioun an dem Ausbau vum Archivage DLJ

Stand op der Foire vun der Jugendaarbecht

# 3. Ressources Humaines



# 3.1 Jugendhaiser







Gesamtmataabechter:innen




Geschlechterverdeelung




Vollzäit- an Deelzäitaarbecht



Alter vun de Mataarbechter:innen




CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter:innen



Anciennetéit vun de Mataarbechter:innen

# 3.2 Jugendservicer








Gesamtmataabechter:innen





Geschlechterverdeelung




Vollzäit- an Deelzäitaarbecht




Alter vun de Mataarbechter:innen




CCT-SAS Carrièren vun de Mataarbechter:innen





Anciennetéit vun de Mataarbechter:innen

## 3.3 Allgemeng Statistiken

### Paien déi gerechent gi pro Mount

| Mount | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|
| Januar | 201 | 227 | 251 | 276 | 297 |
| Februar | 203 | 230 | 250 | 279 | 304 |
| Mäerz | 204 | 232 | 249 | 279 | 308 |
| Abrëll | 204 | 231 | 250 | 282 | 312 |
| Mee | 207 | 229 | 255 | 284 | 311 |
| Juni | 214 | 228 | 259 | 290 | 307 |
| Juli | 216 | 230 | 267 | 291 | 315 |
| August | 214 | 235 | 263 | 289 | 305 |
| September | 217 | 244 | 265 | 285 | 310 |
| Oktober | 215 | 245 | 262 | 288 | 310 |
| November | 222 | 248 | 266 | 286 | 314 |
| Dezember | 219 | 246 | 263 | 285 | 314 |
| 13. Mount | 244 | 273 | 295 | 329 | 349 |
| **Total** | **2780** | **3098** | **3395** | **3743** | **4056** |




### Congés de circonstance







**13** plein-temps


**2** mi-temps






# 4. Comptabilitéit


## 4.1 Budget vun de Jugendhaiser





## 4.2 Budget vun de Jugendhaiser iwwer 3 Joer



# 4.3 Finanzéierung vun de Projeten




# 4.4 Aktivitéiten / Rencontre





# 5. Weider Informatiounen

# 5.1 D'Ekipp vum DLJ

## Service Administratif

**LUC COLJON**
*Comptabilité - Ressources Humaines*
Tél : 26 29 32 37
luc.coljon@dlj.lu

**NADIA DE MARCH**
*Comptabilité*
Tél : 26 29 32 31
nadia.demarch@dlj.lu

**PEGGY GLODT**
*Comptabilité - Ressources Humaines*
Tél : 26 29 32 32
peggy.glodt@dlj.lu

**PEGGY JACQUÉ**
*Comptabilité - Ressources Humaines*
Tél : 26 29 32 34
peggy.jacque@dlj.lu

## Service Pédagogique

**JÉRÔME MAILLIET**
*Pédagogue*
Tél : 26 29 32 40
jerome.mailliet@dlj.lu

**VALÉRIE RICCIARDI**
*Chargée de communication et événementiel*
Tél : 26 29 32 39
valerie.ricciardi@dlj.lu

## Chargée de Mission

**FABIENNE WILDGEN**
Tél : 26 29 32 35
fabienne.wildgen@dlj.lu



# MERCI

De Verwaltungsrot an d'Ekipp vum DLJ soen all de Memberen ee grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Ee weidere Merci geet un all Partner, sou wéi un déi vill fräiwëlleg Memberen, déi sech national a regional fir d'Jugend engagéieren an och un all déi, déi den DLJ am Laf vum Joer tatkräfteg ënnerstëtzt hunn.

Äre Feedback an eng aktiv Bedeelegung sinn zu jidder Zäit häerzlech Wëllkomm.

Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen
87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg | T. +352 26 29 32 35 | hello@dlj.lu
www.dlj.lu